



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Kulturentwécklungsplang (eBook 1.0 - Septembre 2018 Volume 1) steet op der Säit 153 am Kapitel 17. „Citoyenneté culturelle et accessibilité“ geschriwwen :

„Il n'y a rien de mal à créer une programmation culturelle dédiée à des publics spécifiques dans l'objectif de faciliter leur inclusion, mais il est primordial d'employer la culture avant tout comme un moyen de communication et de dialogue capable justement de faire interagir et se rencontrer tous les citoyens. Les voies d'accès peuvent varier et être adaptées mais la destination doit rester la même. La culture et l'art ne doivent pas être « différenciés ». Il faut au contraire initier des passerelles, créer des partenariats et construire des projets entre les instances publiques, les acteurs culturels et les associations afin de réduire les distances entre la vie culturelle et ceux qui en sont éloignés, quelle qu'en soit la raison. La médiation culturelle et interculturelle joue ici un grand rôle aussi, tout comme une amélioration et multiplication des canaux et des langues d'information.“

Grad a Bezuch op d'Punkten „faire interagir tous les citoyens“ an „multiplication des langues d'information“, wieren hei nach e puer Saachen unzemierken.

Et fält nämlech op, datt e groussen Deel vun der Kommunikatioun vum Kulturministère just op Franséisch ass. Dëst betrëfft z.B. d'Internetsäit „culture.lu“, de KEP, awer och Internetsäite vun ëffentlechen Aariichtungen, oder aner Strukturen, déi Missiounen vum Kulturministère iwwerhuelen. Bei „guichet.lu“ fënnt ee vum Kulturministère och vill Informatiounen op Däitsch, z.B. wat déi verschidde Primmen oder Subsidien ugeet. Allerdéngs sinn d'Formularen dann awer dacks nëmmen op Franséisch.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Kulturminister gär folgend Froe stellen:

1. Firwat huet de Ministère sech hei entscheet, fir eesproocheg ze kommunizéieren, wou et jo awer en Zil vun der Kultur ass, fir esou vill Leit ewéi méiglech ze erreechen?
2. Firwat ass déi hei gewielte Kommunikatiounssprooch Franséisch an net z.B. Däitsch, wat genausou eng Verwaltungssprooch ass, oder Lëtzebuergesch, wat net just Verwaltungssprooch ass, mee esouguer d'Nationalsprooch?

3. Et sollt een net vergiessen, datt Franséisch fir 85% vun den Awunner eng schwéier Friemsprouch ass, an datt et ganz vill Awunner ginn, an allen Altersklassen, déi der franséischer Sprooch net Meeschter sinn. Dëst kann ënnerschiddlech Ursachen hunn, z.B. well si déi Sprooch ni geléiert hunn, oder well d'Franséischt hinnen als Friemsprouch einfach net läit oder ze schwéier ass, oder well si d'Sprooch iwwert d'Zäit oder duerch d'Beanträchtegung vum Gediechtnes (wat kann ënnerschiddlech Grënn hunn) verléiert hunn, asw. Gëtt domat net eng Partie vun der Bevëlkerung, zum Deel vu kulturellen Informatiounen ausgeschloss, well si der franséischer Sprooch net Meeschter sinn?
4. Gëtt et e Projet fir d'Formularen och an anere Sproochen zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten